Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/12/2018

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Mobilitéit weiderzeleeden.

Mer sinn informéiert ginn, dass an der Autoflott vun der Police Gefierer géife existéieren, déi net mat Xenonluuchten equipéiert sinn. De Xenon huet vis-à-vis vun hierkëmmleche Liichtmëttelen de Virdeel, méi héich Liichtstréim ze produzéieren. Den Testrapporten vum ADAC no aus de Joeren 2018, liicht eng Xenonluucht méi wäit wéi eng konventionell Halogenluucht, ass wéineger ufälleg fir Defekter an dermadder sécherheetstechnesch besser wéi den Halogen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Wéi gesäit den Här Minister d'Ausso, dass Gefierer bei der Police ënnerwee ouni Xenonbeliichtung geliwwert gi sinn?
- Wéi vill Prozent vun der Gesamtstroosseflott vun der Police ass insgesamt mat Xenonluucht equipéiert?
- Kann den Här Minister eis d'Kritären oplëschten, no der d'Stroossegefierer vun der Police ugeschaaft ginn, klasséiert no Gefierskategorie? Spillt Sécherheet vun de Policebeamten op de Stroossen bei der Acquisitioun vu Gefierer eng Roll?
- Gesäit den Här Minister et als néideg un, d'Stroossegefierer vun der Police mat Xenonluuchten auszestellen?
- Gesäit den Här Minister eng Korrelatioun tëscht der Sécherheet vun de Policebeamten am Déngscht an dem Equipement vun hire Stroossegefierer mat Xenonluuchten? Falls net, firwat gesäit den Här Minister et net als relevant un a wat wären seng Proposë fir d'Sécherheet vun de Policebeamten an hirer Stroossegefierer ze verbesseren?
- Kann den Här Minister oplëschte wéi vill nei Stroossegefierer säit 2013 bei der Police Grand-Ducale ugeschaaft gi sinn, opgeschlësselt pro Joer an a Prozent wéi vill dovunner mat enger Xenonbeliichtung equipéiert sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député